



Naw-Rúz - D'Bahá'í Neit Joer - 21. Mäerz 2022 - 1 Bahá, 179 B.E.

Bahá'ís feieren 11 helleg Deeg am Joer. Dës Geleeënheete fannen dacks a Form vu Gemeinschaftstrefe statt, entweder méi grouss oder méi kleng, op fir jiddereen, mat all Kéiers engem Programm, dee bei d'Bedeutung vum jeeweiligen Dag passt. De Bahá'í Dag ass vu Sonnenënnergang bis Sonnenopgaang.¹

Naw-Rúz, d'Bahá'í Neit Joer ass den 1. Dag vum neie Joer. Et ass ee vun 9 hellegen Deeg, wou een net sollt schaffen. Et ass en Dag vu Freed.

D'Universaalt Haus vun der Gerechtegheet, dat héchst Gremium am Bahá'í Glawen, schéckt gewéinlech fir d'Neit Joer e Message mat deem wat am Joer geschitt ass, wat errecht gouf a wat eis an den nächste Joeren erwaart.

Ëffentlech Unerkennung vum Glawen fir Naw-Rúz vun enger Rei vu Perséinlechkeeten (2007, p. 78).

Naw-Rúz, d'Bahá'í Neit Joer ass zu gläicher Zäit de Schluss vun der Faaschtzäit an dat aalt Joer hält op. Astronomesch ass Naw-Ruz deen Dag, wou den Dag genee soul laang ass wéi d'Nuecht. Den éischten Dag vum Fréijoer. 'Abdu'l-Bahá (1844-1921) seet, dass Naw-Ruz en hellegen Dag ass, e Symbol fir d'Manifestatioun vu Gott. Et ass deen Dag, wou d'Sonn vun der Wourecht um Horizont gëttlecher Gnod erschéngt an en neit Fréijoer bréngt. Alles wat erschaf ass kënnt a Bewegung an erwächt zu neiem Liewen. Dofir ass et och d'Symbol vum Liewen. Wéi déi natierlech Sonn d'Grundlag vum Liewen op der Äerd ass, sou erfëllt d'Sonn vun der Wourecht d'Mënschheet mat éiwegem Liewen.²

1912, an enger Usprooch beim Naw-Ruz Fest zu Alexandria an Ägypten sot 'Abdu'l-Bahá: „*An all Zyklus a mat all Offenbarung gëtt et an de gehellegte Gesetzer vu Gott geseente Fester, Feierdeeg an aarbechtsfräi Deeg. A sou Deeg sollt een all Zort vu Beschäftegung, Handel, Industrie, Ackerbau, Landbau an dësgläichen ënnerloossen. Alleguer sollte sech matenee freeën, allgemeng Versammlungen ofhalen, wéi eng Gemeng ginn, fir dass jiddereen déi national Eenheet, Eenegheet an Harmonie ka gesinn.*

Well dës Deeg geseent sinn, sollte si net vernoléisseg ginn ... andeem ee sech einfach nënnen ameséiert. Während dësen Deeg sollten Institutiounen geschaf ginn, déi de Mënschen en dauerhafte Seegen a Wäert bréngen... Ouni Zweifel muss een an dësen Deeg mënschefrëndlech oder ideal Spuere vun de Frënn vum Herrgott bestoebleiwen; [Spueren], déi an d'ganz Mënschheet erausginn.
... “³

Méi zum Kalenner:

Et gi verschidde Methode fir d'Zäit ze moossen an Datumen ze fixéieren, sou zum Beispill de gregorianesche Kalenner, de julianesche Kalenner a ville Länner an Osteuropa, de chineschen, den hebräeschen an de mosleemesche Kalenner. Zënter 1844 gëtt et och e Bahá'í Kalenner. Et war de Virleefer vun der Bahá'í Relioun, de BÁB (1819-1850), deen de Bahá'í Kalenner agefouert huet.

¹ <https://www.bahai.org.uk/holy-days>

² *Verse Gottes, Bahá'í Verlag, S441*

³ *'Abdu'l-Bahá, Verse Gottes, Bahá'í Verlag, S440*

An dat fir d'Wichtigkeet vun dësem neie Glawen ze weisen. [...] D'Bahá'í Zäitrechnung fänkt also 1844 un, dat ass d'Joer vun der Erklärung vu Báb, dem Virleefer vun der Bahá'í Relioun. A net allzewäiter Zukunft wäert et sécher néideg sinn, dass all d'Mënschen op der Welt sech op een eenzegen a gemeinsame Kalenner eenege wäerten. Et schéngt dofir ganz an der Rei, dass dëst neit Zäitalter vun der Eenheet och en neie Kalenner sollt hunn. E Kalenner, dee fräi ass vun Objektiounen an Assoziatiounen, déi jidderee vun deenen anere Kalenneren net akzeptabel man fir eng grouss Sektioon vun der Weltbevëlkerung. [...]

Et ass schwéier ze gesinn, wéi en anere Kalenner ausser dem Bahá'í Kalenner kéint méi einfach a passend sinn. Déi 19 Bahá'í Méint vu jeeweils 19 Deeg hunn all en Numm deen enger Qualitéit vu Gott entsprécht. Sou heeschen d'Bahá'í Méint: *Glanz, Ruhm, Schéinheet, Gréisst, Liicht, Erbaarmen, Wieder, Vollkommenheet, Nimm, Würde, Wëllen, Wëssen, Muecht, Sprooch, Froen, Eier, Herrschaft, Hoheit an Erhewenheet*. Am Ufank vun all Bahá'í Mount treffen d'Bahá'í sech an hirer jeeweileger Uertschaft. Dëst Treffen heescht d'Nonzégdeegfest. Et ass e feste Bestanddeel vun de Bahá'í Aktivitéiten a jiddereen ass invitéiert sech drunn ze bedeelegen. D'Nonzégdeegfest besteet aus dräi Deeler. Am éischten Deel, deem geeschtegen Deel gi Gebieder an Texter aus den hellege Schrëfte virgedroen. Deen Deel ass oft mat passender Musek ënnermoolt. Am zweeten Deel gëtt beroden. Do huet all Bahá'í d'Méiglechkeet, sengem lokale Rot Virschléi ze man a Froen ze stellen. Oft gëtt iwwer Projeten an Aktivitéite geschwat. Wie bekëmmert sech ëm wat, a wou a wéini gëtt déi nächst Konferenz organiséiert. Hei mécht de lokalen Trésorier och säi Bericht, wéi vill Contributiounen erakomm sinn a wéi eng Ausgaben dëse Mount ugefall sinn. Den drëtten an normalerweis leschten Deel ass dee sozialen Deel. Do gëtt et oft eng Taass Téi oder Kaffi mat Kuch an eng Klengegkeet z'iessen. D'Kanner spillen an déi Erwuessen ënnerhale sech. De Sënn vum Nonzégdeegfest ass deen, dass ee sech op mannst eemol am Mount méi no kënnt a sech besser kenneléiere kann. Et soll eng Zäit sinn, wou een optanke kann. Eng Beräicherung.

(Nau, 2007, p. 36).

E Gebiet fir Naw-Rúz

Naw-Rúz, den 20. oder 21. Mäerz, den éischten Dag vum Bahá'í Joer

Gelueft bass Du, o mäi Gott, dass Du Naw-Rúz deenen zum Fest bestëmmt hues, déi d'Faaschten aus Léift zu Dir agehal hunn a sech allem enthal hunn, wat s Du haass. Erlab, o mäi Gott, dass d'Feier vun Denger Léift an d'Hëtzt, déi sech aus deem vun Dir bestëmmte Faaschten entwéckelt, si an Denger Saach entflamen, an dass si sech doduerch Dengem Luef an Dengem Gedenken higinn.

O mäin Här, Du hues si mam Ornament vum Faaschten, wat s Du virschreifs, beschenkt; dofir verschéiner Du si och, duerch Deng Gnod a generéis Gonscht, mam Ornament vun Denger Akzeptanz. Well d'Dote vun de Mënschen hänken all vun Dengem gudde Wëllen of, a gi vun Denge Geboter bestëmmt. Géifs Du Deen, deen d'Faaschte gebrach huet, als een ugesinn, deen et agehal huet, da géif esou e Mënsch zu deene gezielt ginn, déi zënter aller Éiwegkeet d'Faaschten agehal hunn. A géifs Du bestëmmen, dass een, deen d'Faaschten agehal huet, et gebrach hätt, sou géif déi Persoun zu deene gezielt ginn, déi d'Kleed vun Denger Offenbarung mat Stëbs beknascht hunn a wäit ewech si vum kristallklore Waasser vun dëser Liewensquell.

Duerch Dech gouf de Banner „Gelueft bass Du an Denge Wierker“ erhuewen an de Fändel „Gefollegt gëtt Dir an Dengem Gebot“ auserneegefaalt. O mäi Gott, maach Dengen Dénger däi Rang bekannt, fir dass hinne bewosst gëtt, dass dat Bescht an allem vun Dengem Befeel an Dengem Wuert ofhänkt, an dass de Wäert vun all Dot bestëmmt ass duerch dat, wat s Du erlaabs a wat dengem Wëlle gefält, an dass si erkennen, dass d’Zigel vun all deem, wat de Mënsch mécht, fest am Grëff vun Denger Akzeptanz an Dengem Uerder leien. Looss si dat wëssen, fir dass guer näischt si vun Denger Schéinheet ausschléisse kann, an dësen Deeg, wou Christus verkënnegt: „All Herrschaft ass Deng, o Du Papp vum Geescht (Jesus)“ ; an Däi Frënd (Mohammed) ausrifft: “Gelueft bass Du, o Du, dee jiddweree gär huet, well Du hues Deng Schéinheet opgedeckt, a fir Deng Auserwielten dat niddergeschriwwen, wat si zum Troun vun der Offenbarung vun Dengem Gréissten Numm leet, engem Numm, deen d’Mënsche jéimeren deet, ausser déi, déi sech vun allem ausser Dir lassgeléist hunn, a sech Him, dem Offenbarer vun Dir selwer an der Manifestatioun vun Dengen Eegenschaften, zougedréit hunn.“

O mäin Här, deen, deen Däin Aascht ass an all déi ronderëm Dech sinn, hunn haut mat Faaschten opgehal, no deem si an hirem Äifer, Dir ze gefalen, et am Beräich vun Dengem Haff agehal hunn. Bestëmm Du fir hien, a fir si, a fir all déi, déi an dësen Deeg an Deng Géigewaart koumen, all dat Gutt, dat s Du an Dengem Buch bestëmmt hues. Géiff hinnen dann, wat hinne souwuel an dësem Liewen an am Liewen duerno nützt.

Du bass wierklech den Allwëssenden, den Allweisen.

Bahá'u'lláh (1812-1897)

Bibliografie:

Nau, J.-M. (2007). *Bahá 'í Emissiounen um Radio ARA*.

<http://jmnau.wordpress.com/2012/11/20/377-bahai-emissiounen-um-radio-ara-vun-2000-2007-mam-jean-marie-nau/>